# Den normale Wahnsinn

Ech si rosen.
Wat heescht hei rosen, stenksauer sin ech!
Dat as komesch.
Well soss sin ech jo awer nët su liicht aus der Rouh ze brengen.
Firwat?
Majo, ech wollt just e puer Säiten op mengem farwege Printer erausdrecken.

Sou e Printer as wi eng Kaatz.
Wann e soss näischt ze din huet, da botzt en sech emol.
An dauernd hätt e gär, dass een sech em e këmmert.
Dat as jo nët schlëmm.
Dat mecht ee jo gär (bei de Kaatze, mengen ech).
Mäin (also mäi Printer)  huet gemengt, him giff di giel Faarw ausgoen.
Dobei dreckt en nach ganz schéi giel.
Kee Problem.
Ech ka jo ëmmer nach schwarzweiss drecken, hun ech gemengt.

Mäi Printer war do anerer Meenung.
Fir hien war näischt mi ze man, bis ech neie gielen Toner besuergt hun.
Hewlett Packard, du bas eng Sch...(rott)-Firma! hun ech geflucht.
Du zitts de Leit Souen aus der Täsch, suergs fir onnéidegen Offall,
a setzts d'Technik just esou an wi een et nët soll man.

Do sëtzt tatsächlech e klengen Chip an där Tonerkartousch an deen huet näischt besseres ze din, wéi mech drun ze hënneren, ganz normal en Apparat ze benotzen, deen soss voll funktiounsfäheg as an dem eigentlech näischt feelt!
Dat dreiwt mech als Techniker op de Baam!

Mee dun hun ech mech gefrot:
As dat esou verwonnerlech an eiser Zäit?
Ech hu mech drun erënnert wi ech mat engem Telefon an de Buttek zreck war a gesot hun, et wär jo schéin dass ech meng Adressen dorop ofspäichere kënnt, an dass 20 verschidde Spiller do drop wären, mee op deen Apparat och fir ze telefonéiere gudd wär?
An ech hun un di Autobunne geduecht, op deenen een mueres nëmmen am Stau  ka stoen.
An un di 50 Fernsehprogrammer vun deenen een der vläicht 6 ka kucken.
An un di Werbungen, di ëmmer kurzzeiteg vu Filmer ënnerbrach gin (oder war et ëmgekéiert?)
An un di Schoulen wou mer de Kanner et ëmmer musse mi liicht man well der souvill durchfalen, mee wou et nach ëmmer méi schlecht geet.

An ech hu mer geduecht, nee HP, dat wat's de mechs as eigentlech  normal.
Ganz normal.
De ganz normale Wahnsinn.